# FGFC-Job Alert: Mir sichen DECH!

Du bass kee Bürokrat, mee een, dee gär Organisatioun, Mënschen a Fortschrëtt zesummebréngt.
Du kanns Gesetzestexter liesen a verstoen, hues e Flair fir Personalthemen a sichs Dynamik amplaz Routine ?
Ma dann bass du bei eis richteg !

**Däin Job bei eis:**

- Interesse-Vertriedung vum Gemengepersonal bei de Gemengen, Syndikater an offizielle Gremien
- Enkt Zesummeschaffen mat eise Personaldelegatiounen a Beruffsverbänn
- Organisatioun, Kommunikatioun a Koordinatioun – digital a live
- Hëllef bei eisen Eventer an Aktiounen – wann's de zoupake kanns, hues de hei Spaass
- Selbstorganisatioun a Verantwortung: du plangs, du decidéiers an dierfs matgestalten

FGFC
*Jo fir d'Gemengepersonal*

**Wat mir ubidden ?**

- Eng modern Aarbechtsplaz an Aarbechtsmaterial
- Formatiounen op héijem Niveau – bei eis oder bei unerkannte Partneren
- E kollegiaalt Klima, wou jidderee zu Wuert kënnt
- Eng Vollzäit Tâche déi senges gläiche sicht

**Wat s du matbréngs ?**

- Grondkenntnisser vun der gesetzlecher Basis am Gemengesecteur
- Praktesch Verständnis fir d'Realitéit vum kommunale Beruffsliewen
- Erfarung an Interessi um Personalmanagement
- Erfahrung mat de gängege Programmer wéi zb. Word, Excel, Outlook an Teams.
- Oppenheet fir modern digital Méiglechkeeten.
- Teamgeescht – mir schaffen zesummen, mir stinn zesummen
- Motivatioun, net just eng "Aarbecht", mee eng Missioun ze maachen

## Interessi?

Da schéck eis däi CV a kuerz Motivatioun virum **01.11.2025** un :

**jobs@fgfc.lu**